ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31. Mee 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Häre Staatsminister a Bausseminister weiderzeleeden.

Bei de leschte Chamberwalen 2018 waren all d'Lëtzebuerger op der ganzer Welt opgeruff, fir hiert Parlament ze wielen. Vun deene ronn 100.000 Auslandslëtzebuerger hunn der awer nëmmen 1.529 ee Walziedel ugefrot. Dat geet aus der Äntwert op meng parlamentaresch Fro N° 3658 vum 7.2.2021 ervir.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un d'Häre Minister:

1) Kann d'Regierung preziséieren, wéi vill vun deenen 1.529 Auslandslëtzebuerger tatsächlech hir Stëmm ofginn hunn?
2) Bei de Chamberwalen 2018 ware vun den deemolege ronn 320.000 Lëtzebuerger Awunner 259.887 walberechtegt, a vun deenen hunn der 233.014 (89,7 %) och tatsächlech gewielt. Vun deene ronn 100.000 Auslandslëtzebuerger hunn der 1.529 ee Walziedel gefrot, esou dass een dovun ausgoe kann, dass, wann ee bei dëser Rechnung déi circa 20 % Mannerjäreg ofrechent, ronn 2 % vun de walberechtegten Auslandslëtzebuerger vun hirem Walrecht Gebrauch gemaach hunn. Am Ganze läit d'Walbedeelegung bei de Chamberwalen deemno bei circa 69 % an d'Abstentioun bei 31 %. Kann d'Regierung dës Schätzunge confirméieren, respektiv korrigéieren?
3) Wéi schätzt d'Regierung eng Walbedeelegung vun 69 % vun de Wieler bei de Chamberwalen an? Ass dëst an den Ae vun der Regierung een zefriddestellend Resultat?
4) Gesäit d'Regierung ee méiglechen Handlungsbedarf, fir méi Leit zum Wielen ze motivéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten